

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Aiff Christian, 13:40, 26/02/2021

Lëtzebuerg, den 26/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Gesondheet weiderzeleeden.

Lëtzebuerg hat ënnert der folgender Deskriptioun eng Ausschreiwung gemaach:

La direction de la santé souhaite sélectionner un ou plusieurs opérateurs économiques pour fournir un support de gouvernance et un support méthodologique, opérationnel et administratif (en étroite collaboration avec les équipes de la Direction de la santé et du Haut-Commissariat à la protection nationale) dans toutes les étapes du projet de vaccination contre le Covid-19, dont particulièrement la gestion opérationnelle des campagnes de vaccination, des centres de vaccination et des équipes mobiles, ainsi que la mise en place et l'opération d'une helpline vaccination.

Den 23. Februar gouf public, wéi eng Entreprises no der Ausschreiwung *Luxembourg-Luxembourg: Project management consultancy services 2021/S 037-093027* e Kontrakt mat der Lëtzebuerger Regierung ofschléisse konnten.

De Kontrakt mat der Nummer 2002094 a mam Titel "Équipe coordination" gong un ee vun de Big Four an ëmfaasst eng Zomme vun 835'100 EUR.

De Kontrakt mat der Nummer 00002 a mam Titel "Helpline vaccination" gong ënnert anerem och un ee vun de Big Four an ëmfaasst eng Zomme vun 8'957'465 EUR.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat waren d'Krittären, no deenen d'Regierung dës Entreprises ausgewielt huet?
Duerch wéi eng Offer/Kompetenzen hunn d'Entreprises, déi gewielt goufen, iwwerzeegt?
2. Wéi verdeelen sech d'Käschte vum Projet "Equipe coordination"?
Wéi eng Tächë goufe mat wéi vill Euro berechent, fir op eng Gesamtzomm vun iwwer



800'000 Euro ze kommen?

3. Wéi verdeelen sech d'Käschte vum Projet "Helpline vaccination"?
Wéi eng Tâchë goufe mat wéi vill Euro berechent, fir op eng Gesamtzomm vu bal 9 Milliounen Euro fir eng Hotline ze kommen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 26 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3723 du 26.02.2021 de Monsieur le Député Sven Clement
- Marché public dans le cadre de la crise de la Covid-19

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés